F.L.P.S.

Section de compétiton

CCRA IBAN LU11 0090 0000 2116 2003

P A R T E N A I R E S O F F I C I E L S

Fishing World
219B, rte de Luxembourg
L-3254 BETTEMBOURG
Tel.: 00352 52 22 32

Assurance lalux John Grün
4, place de la paix
L-4275 ESCH/ALZETTE
Tel.: 00352 691 335 337

RS Fishing
24, rue Grande-Duchesse Charlotte
L-7520 Mersch
Tel: +352 26322071

Aqua Zoo Pêche
67, av. J.F. Kennedy
L-9053 ETTELBRUCK
Tel.: 00352 81 71 31

Opruff un all Memberen an Frënn vun den Lëtzebuerger Sportfëscher

Mat dësem Schreiwes wëll ech am Numm vum Comité vun der “Section de Compétition” Iech all Fëscher vum Championnat an och Frënn vun eise Lëtzebuerger Sportfëscher ob Follgendes opmierksam maachen.

An eiser Generalversammlung 2024 hu mer schonns erwäänt dass mer am Comité net genuch Leit hunn fir och eng Zukunft vun eiser Sektioun kënnen ze garantéieren. E puer Mol ass den Opruff gemaach ginn fir dass Memberen sech an de Comité solle mellen. Et ass dann och nach esou weit komm dass de Jeff Quintus kuerz no dëser Generalversammlung seng Demissioun aus perséinlechen a gesondheetleche Grënn bekannt ginn huet, an dat mat Effet immédiat.

Situatioun wäert och dann Enn 2024 déi sinn, dass mam President John Grün, dem Mike Steffen, a menger Wéinegkeet, Fernand Schmitt, weider Demissioune kommen. Och mir dräi hunn déi Decisioun geholl well mer der Meenung sinn, dass endlech neit a jonkt Blutt an de Comité gehéieren, déi och hier Iddien endlech Präis kéinte ginn. An et gi weider Leit an eisem Comité déi net mei wëllen ënnert dëse Begebenheete weider maachen. An genau des Situatioun, op déi hu mer jorelaang gewarnt, dass se géif kommen. Leider.

Eis Virstellung wéi mer dee Problem an de Grëff kënne kréien. Nei Leit brauche mer am Comité, virun allem jonk Leit. Jo, dier sidd gefuerdert. An, an ärem Ëmfeld Memberen fannen déi net aktiv um Championnat drun deel huelen fir eng Hand mat unzepaken. Bis elo ass déi Aarbecht ëmmer nëmme vun deem engem oder aneren am Comité geleescht ginn. An dat ass de Problem deen iwwer e laangen Zäitraum bis elo gespillt huet, an e Wee den, den aktuelle Comité net mei weider fuere wëllt.

Also, Léiw Fëscher, dir sidd elo gefuerdert, maacht Iech Gedanken, mir hoffen dass der jo all esou weit hannert ärem Hobby stitt, dass der dann och wëllt dass et weider geet an e Verstäsdemech huet, dass déi aktuell Situatioun esou net méi bestoe bleiwe kann.

D'Iddie vum aktuelle Comité ass fir Iech, a mir wëllen dass der Iech dat och gutt iwwerleet, eis matdeelt ob der fir déi Aufgab bereet sidd. Mir wéilten Iech invitéieren op eng kleng Versammlung a mir wiere bereet Iech mat direkt ze kooptéieren an dem Comité. Firwat. Déi nei Saison muss onbedéngt virbereet ginn, Datumer an eventuell och schonns Strecken. Déi Leit déi sech melle missten dann awer och bereet sinn Member vun der Sektioun ze ginn.

Natierlech kann iwwer den Opruff vun elo, selbstverständlech sech weider Memberen an de Comité mellen fir Generalversammlung 2025.

Den Delai fir eis Bescheed ze ginn wier den 10. November. Leider drängt Zeit, well d'Aarbecht ëmmer weider geet a Preparatioune getraff musse ginn.

Mat sportleche Greiss
Am Numm vum Comité
Fernand Schmitt
secrétaire